N°1994
Entrée le 28.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Tuberkulos gëtt vu Bakterie verursaacht, betrëfft a ville Fäll d'Longen a verursaacht ënner anerem en Huscht als éischt Zeechen. Awer och bal all aner Organer kënne vun de Bakterie betraff sinn a schlëmm Krankheete verursaachen. Och wann Tuberkulos hei zu Lëtzebuerg éischter selten ass, goufen et Enn 2022 zu Lëtzebuerg zum Beispill zwee Fäll vun Tuberkulos an enger Schoul respektiv Maison Relais.

Rezent huet den amerikanesche Präsident Donald Trump quasi iwwer Nuecht sämtlech Gelder fir de Programm USAID sträiche gelooss. E groussen Deel vun de Programmer, déi weltwäit am Kampf géint Tuberkulos aktiv sinn, goufe bis elo awer zu groussen Deeler finanziell vun USAID ënnerstëtzt. Opgrond vun de feelende Gelder goufe vill Programmer elo kuerzfristeg gestoppt a betraffe Leit weltwäit kënne weder diagnostizéiert nach behandelt ginn. Déi feelend Behandlung kéint innerhalb vun de nächste Méint am schlëmmste Fall zu enger weltwäiter Ausbreedung vun Tuberkulos féieren, dorënner och vu resistente Bakteriestämm. Och wann den amerikanesche Minister Rubio matgedeelt huet, dass liewenswichteg Programmer weidergefouert géife ginn, sou schéngt dat awer net fir d'Tuberkulos-Programmer ze gëllen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi preparéiert sech Lëtzebuerg op potenziell nei Tuberkulos-Infektiounen, déi aus Länner komme kéinten, wou USAID-finanzéiert Diagnos- a Behandlungsprogrammer elo gestoppt goufen?

2. Gëtt et op nationalem oder op EU-Niveau schonn en Noutfallplang fir zousätzlech medezinesch Ressourcen ze mobiliséieren, falls d'Ausbreedung vu resistenter Tuberkulos weltwäit zouhëlt als Folleg vun dëser Ënnerbriechung?

3. Wéi ka garantéiert ginn, datt Lëtzebuerger Bierger virun enger méiglecher Erhéijung vun der Tuberkulos-Bedrohung geschützt sinn, besonnesch wann d'Diagnos- an d'Behandlungsprogrammer an Héichrisiko-Länner amgaang sinn zesummenzefalen?

4. Wäert Lëtzebuerg zousätzlech finanziell Ënnerstëtzung ubidden, fir den Ausfall vun den amerikanesche Gelder fir Tuberkulos-Bekämpfung ze kompenséieren?

5. Ginn konkret Moossname geholl, fir eist Gesondheetswiesen op eng méiglech méi héich Unzuel u Fäll ze preparéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten